N° 185
Entrée le 10.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 11/2/2025 wéilt ech dem Minister fir den Interieur eng mëndlech Fro stellen.

D'Zäit mat der Famill ass a bleift fir vill Leit an eiser Gesellschaft eng vun de wichtegste Prioritéiten. Dofir notze vill Elteren och hire Congé parental, fir hir wäertvoll Zäit an d'Erzéiung vun hire Kanner z'investéieren.

Leider kann awer net jidderee Gebrauch maache vum Congé parental an och Leit, déi hir Zäit an der Politik investéieren, falen hei drënner. An der Chamber diskutéiere mer jo grad driwwer, ob net och Deputéierte solle vun engem Schwangerschaftscongé souwéi dem Congé parental kënne Gebrauch maachen. Ma och um Gemengenniveau ass d'Demande do a géif sécherlech dozou bäidroen, fir de Spagat tëschent Privatliewen, Aarbecht a Politik méi einfach ze maachen.

A Frankräich gouf mat enger Gesetzespropose vun 2024 dëse Wee ageschloen. Hei profitéiere lokal gewielte Politiker:innen vum Congé de maternité oder de paternité. Duerch ee Gesetz vun 2019 (loi loi Engagement et proximité) existéiert och d'Méiglechkeet, fir sech temporär am Gemengerot ersetzen ze loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Ass dës Regierung bereet fir d'Gesetz z'änneren, fir de Leit an de Gemengeréit a Schäfferéit eng Auszäit oder ee Congé parental z'erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten